

RIED VUM BLANCHE WEBER, PRESIDENTIN VUM MOUVEMENT ECOLOGIQUE KONGRESS 2020

Léif Memberen,
Léif Kolleegen a Frënn,

Uff. Lues a lues komme mäer aus dem Lockdown eraus. Hoffnung mécht sech breet, datt mäer de Virus, wa mäer oppassen, bei eis am Grëff behalen. An uff, d'Gesprécher tèschent Frënn a Kolleegen dréie lues a lues net nëmme méi ëm de Corona.

Hu mäer deemno déi akut Phase gepackt?

Nee! Engersäits, well souguer wa mäer elo an eise Länner de Virus an de Grëff kriteren, dat awer deelweis Symptombekämpfung ass. Well d'Grënn, déi erwisenermoossen (net eleng, ma awer wesentlech) derzou bäidroen, datt iwwehapt esou Pandemien entstinn, gi mäer nach ëmmer net un. **Zerstéierung vu Liewensraim, Mënsch a Wëlldéier** déi dowéinst ëmmer méi no beienee réckelen... D'Wëssenschaftler sinn sech eens: **wann et esou weider geet kënnt de nächste Virus op kuerz oder laang.**

Mee virun allem: grad d'**Leit aus de Länner vum Süden**, déi elo scho massiv ënnert dem Klimawandel leiden, deen duerch eis verursaacht gëtt, sinn elo och nach zousätzlech an engem besonnesch dramateschen Ausmooss vum Covid 19 betraff. Z.B. am Bangladesch, wou eng 4 Milliounen (!) Leit aus Kleederfabriken hier Aarbecht verluer hunn an elo deelweis aus Stied zeréck op d'Land flüchten, wou se awer kéng Felder méi hu fir selwer Liewensmëttelen unzobauen, well déi elo Multinationale gehéieren déi fir eis produzéieren.... An déi Leit stinn elo virum Näscht, ouni sozial Réckversécherung, zum Deel dreeën Hongersnéit ... ! Vun der Problematik vum Gesondheetssystem, der quasi Onméiglechkeet vum "social distancing" an där do Nout guer net ze schwätzen. Laut enger Analyse vun der UN kéinten am Laf vum nächsten hallwe Joer 1,2 Milliounen Kanner wéinst den direkten oder indirekte Repercussione vu Covid stierwen.

Dës Situatioun ass onerdréiglech!

Covid muss derzou féieren, datt mir en anere Bléck op d'Auswierkunge vun eisem Wirtschafts- a Gesellschaftsmodell op d'Leit vum Süde kréien a virun allem viles bei eis änneren! Déi massiv Zerstéierung vu Liewensraim duerch den Ubau vu Soja wéinst eisem Hunger no Fleesch, oder den Ubau vu Palmueleg wéinst eisem Energiehonger; d'Ausbeutung vu Leit z.B. an der Kleederproduktioun fir datt mir kënnen all Mount neit Gezei kafen; Pestiziden fir den Ubau vun eise Schnëttblumen... **déi Situatioun ass méi wéi jee net méi haltbar aus Gerechtegkeets- a Mënscherechts ... an och aus ekologescher Siicht.** An elo schléit de ganzen Irrsinn nach méi kloer wéi jee op eis zeréck, wéi d'Auswierkunge vum Corona an haiteg Flüchtlingen an an Zukunft och ëmmer méi Klimaflüchtlinge weisen. Déi Zesammenhäng si ville Leit an dëser Kris méi bewosst ginn.

Duerfir fänken ech bewosst meng Ried mat dem **globale Kontext** un. Mir kréie vill Maile vun eisen internationale Partnerorganisatiounen am Bündnis vu Friends of the Earth. Eëmmer méi Leit stinn an enger weltwäiter Solidaritéit op fir - deelweis ënnert ganz dramatesche Bedingungen – e Wiessel vun dësem System anzekloen. Lëtzebuerg a mäer als Zivilgesellschaft mussen do dreiwend Kräfte ginn!

No dem schimmhäftege Vott vum Fräihandelsaccord CETA zu Covid-Zäiten an der Chamber muss Lëtzebuerg elo e kloert Signal setzen an z.B. soen: NEEN zu Mercosur, dem Fräihandelsaccord mat de

südamerikanische Staaten, mat e.a. dem Bolsonaro, dem brasilianeschen Trump, dee grad den Amazonas ausverkeeft. Dat hollännescht Parlament huet elo schon e Vott géint Mercosur geholl. Wat e Signal! Mäer wäerten der Lëtzebuenger Stop TTIP & CETA Plattform virschloen, gemeinsam eis Regierung an eis Deputéiert opzefuerderen, eng änlech Decisioun ze huelen. Ma doriwwer eraus ass souguer e Nee zu weideren esou Fräihandelsaccorden an d'Iwwerschaffe vun de bestoenden absolut néideg!

Mir müssen eis awer och nach vill méi kloer op EU-Niveau an an internationale Gremie fir entspreichend Reformen asetzen. Engagement fir e "green new deal" vun der Kommissioun deen de Numm och verdéngt; Importverbuet vu Produiten, déi ënnert ekologesch an / oder onsoziale Bedingunge produzéiert ginn; kloer Entscheedunge géint déi onsäglech laang Liwwerketten, eng Reform vun der gemeinsamer Agrarpolitik am Interessi vum Bauer an der Ëmwelt, eng Steuer um Sojaimport a villes méi. Lëtzebuerg muss sech awer och virun allem duerfir asetzen, datt d'Länner vum Süden e Scholdenerlooss kréien. Den däitschen Entwécklungsminister huet wéini an engem Interview eng erschreckend Zuel genannt: 2000 Milliarden Dollar gi weltwäit fir d'Rëschtung ausginn. Da wäert jo awer e Scholdenerlooss fir e nach méi e grouse Misair ze verhënneren eng Harmlosegkeet sinn !

Lëtzebuerg muss do eng dreiwend a konsequent Stëmm fir Reforme ginn! An ëmmer dann, wa mäer eleng kënnen aktiv ginn, müsse mir dat maachen! FAGE ass da, wat laang Liwwerketten an d'Orientéierung vun der Landwirtschaftspolitik betrëfft e gutt Beispill: Lëtzebuerg muss Nee zu FAGE soen. Griichesche Jughurt gemaach zu Lëtzebuerg mat Puddermëllech vum Weltmarkt, wa méiglech a Plastik verpaakt mat Aluminiumsdeckele vun ech weess net wou an dann nees zeréck an d'Welt... Dat geet net. FAGE steet duerfir symbolesch fir eng verfeelte Globaliséierungspolitik, déi mäer net dierfen zouloossen.

All eis Beméiunge fir e méi nohaltegt Lëtzebuerg müsse mat engem konsequenten Asaz fir e méi gerechte Weltmarkt verbonne sinn. An dat iwwregens net nëmme well mäer eent vun de räichste Länner weltwäit sinn, ma och well mäer no dem Qatar dat Land sinn, dat als zweet de "Welt overshoot day" schon am Februar erreicht. Pas mal, am Februar hu mäer schon dat un Natur an Ëmwelt opgebraucht, wat eis an engem Joer zousteet.

Da kommen ech awer op Lëtzebuerg selwer. D'**Relance économique**. Fir et kloer ze soen: Natierlech müsse Betriber, Restauranten... gehollef kréie fir hiert Iwwerliewe sécherstellen. A virun allem si Moosname fir d'Leit déi schaffen néideg a fir Aarbechtsplazen ze erhalen.

Mee: eenzel "one shot" Moosname kënne wuel kuerzfristeg an engem begrenzten Ausmooss sënnvoll sinn. Mee sie sinn net "der Wahrheit letzter Schluss". Ech muss et op dëser Plaz net méi widderhuelen: Eise Gesellschafts- a Wirtschaftsmodell ass net zukunftsfaeg, a net sozial gerecht! Dat kritt een net duerch hei an do e Subsid geännert!

Aiden fir d'Relance müsse gekoppelt ginn un e Systemwiessel, aus ekologescher an och aus sozialer Siicht.

Ech wéilt do eng rezent ganz markant Ausso vum Sylvain Hoffmann, Direkter vun der Aarbechterkummer, uféieren: Grondausso: mäer brauchen eng fundamental Steuerreform. Eent vu senge Beispiller: Op 50.000 Euro Revenue bezilt een 3,5 mol méi Steiere wéi wann een de selwechte Revenue um Kapital géing erwirtschaften. Dat ass net Steiergerechtgeet! Am Ëmweltberäich ass et

d'selwecht: mäer sinn absolut Schlusslicht EU-wäit wat Steieren um Ëmweltverbrauch betrëfft. Eenzel Länner hu scho laang eng CO2-Steier, eng Steier op Pestiziden... mäer net.

Duerfir: Datt een elo nach méi en héiche Subsid fir de Kaf vun engem Vélo kritt kann ee jo schéin a gutt fannen. Oder méi finanziell Hëllef bei der Renovatioun vun Haiser. **Mee: dës Subsiden ersetzen net strukturell Reformen!** Esou laang eis Energiepräisser lächerlech niddreg sinn, a wéinst Covid nach méi niddreg gi sinn, wäerte mäer keen Duerchbroch an der Renovatioun kréien. Virun allem néideg sinn net mei Subside fir de Kaf vum Vélo, mee eng Gestaltung vun de Stroossen wou een oui Angscht Vélo fuere kann!

Mir gi mat der Relance économique och Gelder vun de nächste Generatiounen aus: och duerfir sollen se net nëmme kuerzfristeg wierken, ma zur Ëmgestaltung vun eisem System an am Interessi vum Opbau vun engem zukunftsfaege Gesellschafts- a Wirtschaftsmodell stoen.

E Wirtschaftssystem dee net um Wuesstem opbaut, e Sozialsystem deem seng Finanzéierung net vum Wuesstem ofhänkt, eng wierklech ekologesch a sozialgerecht Steierreform, eng CO2-Steier déi sozial ausgeglach gëtt, eng grondleeënd Reform vun der Landwirtschaftspolitik fir de Bauer an d'Ëmwelt, endlech e massiven Ausbau vu Vélosweeër, eng Strategie vun Albausanéierung déi virun allem och Leit mat manner Geld erreecht, eng Wunnengspolitik déi duerch nei Akzenter, neie Wunnformen ... Jonken a Leit mat manner Geld eng Chance gëtt. A mir brauchen eng Digitaliséierungssteier, eng Steier op Finanztransaktiounen. Gemäss Berechnunge géif eng Finanztransaktionssteier vu nëmmen 0,01 Prozent op héich spekulativen Derivaten eleng an Europa 60 Milliarde bréngen. Ob wat waarde mäer ?

A mir mussen och **Demokratie** woen. Datt d'Regierung de "Memory of Understanding" vu Google net erausgëtt, ass net akzeptabel. Et ass desto manner akzeptabel, well dës Regierung och iwwert en Dossier wéi Wickreng / Léiweng un d'Muecht koum. An erënnert der Iech, wat d'Partei vum dëser Regierung deemools gefuerdert haten: Kontrakt tëscht Staat a Promoteur opleeën, Transparenz schaafen... A wou sti mäer elo? Et kann dach net sinn, datt Regierungsmuecht esou ... verännert. Da si mäer dach voll an der Politikverdrossenheet. Haut huet eisen Affekot eise Recours eragerecht, wëll d'Regierung de "Memory of Understanding" mat Google net erausgëtt!

Ech kommen zum Schluss. Eis politesch Fuerderunge baséieren op Wäerter. A grad déi Wäerter déi mäer ëmmer héich halen, sinn déi déi elo am Covid vu ville Leit als positiv empfongt goufen a nach ginn: Mateneen, sozialen Zesummenhalt, Zäit fir Famill, Natur genéissen, eraus aus dem Hamsterrad. Wann een duerfir vu Relance schwätzt, da brauche mäer och eng **gesellschaftlech Relance**. D'Zäit ass iwwerräif fir iwwert aner Aarbechtszäitmodeller an e Grondakommes ze schwätzen, eng méi staark Fërderung vum Gemeinwohl an d'Wee ze leeden a viles méi.

Ma wa mäer dës Wiessel an eng an eisen Ae méi nohalteg Zukunft wëlle packen, wou Liewesqualitéit de Repère ass a net de Wuesstem, musse mäer elo **Courage** hunn.

Courage fir eis e.a. der ominéiser Diskussioun ze stellen, wat **Fräiheet** bedeit. Well dat Argument kënnt ëmmer erëm: CO2-Steier, manner Stroosseraum fir den Auto, kéng Fluchlinne méi do wou den Zuch eng gutt Alternativ ass... enkt d'Fräiheeten an. Mee éierlech: wat heescht Fräiheet haut? Ech kloen net Fräiheet op bëlleg Fléien an! Ech kloe Fräiheet ob intakt Natur, en lwwerliewen op dësem Planéit ... an. A "meng" Fräiheet no iwwerdriwwenem Fleischkonsum oder wat och ëmmer muss do ophalen, wou an anere Länner vun dëser Welt d'Leit dowéinst all hier Fräiheete verléieren oder wou ze vill sozial Ongläichheeten entstinn. Mir brauchen eng nei Diskussioun iwwert Liewesqualitéit a wat Fräiheet heescht.

An iwwregens: wa mäer elo net handelen, da wäerten op kuerz oder laang eis wierklech Fräiheeten a **Rechter eng Kéier massiv musse beschnidde ginn.**

Ma mäer mussen awer och op alle Niveauen bereet sinn, Dissensen, Konflikter, aner Vuen auszedroen! Et soll een dat offe soen: Déi Moosnamen, déi elo mussen ergraff ginn oder zur Diskussioun sti fir en Iwwerliewe fir de Mënsch op dësem Planéit ze erméiglechen, sinn net ëmmer einfach a brénge vill Diskussiounen mat sech. Wéi eng CO2-Steier ass zoumuttbar? Däerf een de Fleeschkonsum anengen? Wat maache mäer mat der Ausso "Eigentum" verflucht? Wéi stelle mir eis eng zukunftsfaeg Welt fir? Wéi eng sozial Ëmverdeelung soll ugestriift ginn? Dat do wäert net ëmmer einfach ginn. Konfliktfaegkeet no bannen an den ONGen a no baussen an der Gesellschaft si méi wéi jee gefuerdert! Dat am Respekt vum Aneren natierlech!

A mäer brauchen **Zukunftsbiller**: An der Ëmweltpsychologie ass eng zentral Fro déi, wéi ee Verännerungen hikritt. Doduerch, datt ee Biller / Fakten op den Dësch leed, wéi schlëmm et ass? Duerch Biller vun Äisbieren, deenen de Buedem fërmlech ënnert de Féiss ewech schmëlzt? Oder duerch Motivatioun, Courage maachen? D'Äntwert ass einfach: duerch béides! Nëmme schéi Biller weisen, geet net duer. Nëmme Katastrophe weisen ganz sécher och net, dat läämt. Duerfir solle mir de Courage hunn, an engem Mix weider béides ze maachen... a vläicht nach bësse méi positiv Zukunftsvisionen no fir réckelen.

Duerfir: Wéini, wann net elo, soe mäer: Mäer stinn och opgrond vun allen Erfarungen duerch Covid op engem "Wendepunkt" an eiser Gesellschaft. Elo hu mäer e Broch, och eng nei Bewusstsinnsbildung a mäer notzen de Broch fir eng aner Richtung anzuschloen! Et däerf no Covid keen zeréck méi op de Virum Corona ginn! Mir setzen eis a fir eng méi gerecht Welt, an där Wuelstand gerecht verdeelt ass, Liewensqualitéit viru Wuesstem steet, Liewensgrundlagen erhale bleiwen a Solidaritéit an de Mateneen déi grouss Leitbiller sinn!

Mir setzen drop, datt Leit, mir als Zivilgesellschaft méi wei jee dëse klore Message un d'Politik ginn: Handelt! Weist déi Entscheidungsfreedegkeet wéi beim Covid. A mir ënnerstëtzen eng Politik, déi net op vermeintleche Stëmmefang geet, ma hier Responsabilitéit iwwerhëllt.

Verännerungen op dëser Welt koume vun ënnen an oft duerch Minoritéiten. Fraebewegung, Aarbechterbewegung: do hunn staark gesellschaftlech engagéiert Leit a Gruppen d'Verännerungen opgrond vu gemeinsame Wäerter an Zukunftsvisionen bewierkt.

Eise Kongress soll, grad elo a Covid-Zäiten, fir dësen Engagement an Zukunftsbiller stoen.

Ech soen Iech Merci.

10. Juni 2020